SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude Wiseler
President vun der Chamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 15te Mee 2025

**Punkt fir op den Ordre du Jour vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten**

Här President,

Ech bieden drëms, dëse Bréif un de President vun der Kommissioun fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden, fir ee Punkt op den Ordre du Jour vun der nächster Kommissiounssitzung ze setzen.

De Premierminister hat a senger Ried zur Lag vun der Natioun annoncéiert, dass bei den Infrastrukturen verschidde Projetë solle verschiebt ginn, fir dës Suen an d'Défense z'investéieren: *"[…] duerch eng nei Prioriséierung vun den Ausgaben. Déi nächst Budgete wäerte besser reflektéieren, dass net all Infrastrukturprojet zum selwechte Moment prett ass."* (Säit 11/39 vum Premierminister senger Ried)

Ech géif gären d'Mobilitéitsministesch an d'Kommissioun invitéieren, fir eis z'erklären, wéi eng Infrastrukturprojeten domadder gemengt sinn an der Kommissioun z'erklären, wéi vill Suen domadder gespuert ginn.

Mat héijem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten